## Communiqué de presse

1.März 2023

### Ons Stad.

Dat ass déi Plaz, wou mir als Mënsche liewen an zesummeliewen. Mir liewe well zu 133.000 aus gutt 167 Länner an onser Stad. An all Joers komme ronn 3.000 nei Awunner bäi.

Mir, d'Mënschen, sinn also d'Stad. All zesumme maachen an di mir ons Stad liewen. Jidderee vun ons wëll, datt d'Liewen an d'Zesummeliewen an onser Stad déi bescht méiglech sinn.

Dëst ass och d'Ziel an d'Engagement vun de 27 Kandidaten vun der CSV fir d'Wale vum neie Stadter Gemengerot den 11. Juni 2023.

Mir hunn fir dës Walen den 1. Mäerz 2023 op onser Generalversammlung 12 Fraen an 15 Männer nominéiert, déi als engagéiert Awunner d'Diversitéit vun onser Stad vertrieden: 7 verschidden Nationalitéite mat engem Duerschnëttsalter vu 45,8 Joer.

Als CSV wëlle mir gestäerkt aus de Gemengewale goen. An de Joeren déi kommen, wëlle mir ons Stad féieren. Als Equipe ronderëm onse Spëtzekandidat, de Serge Wilmes, als nächste Buergermeeschter.

Zesumme wëlle mir dat ganzt Potential vun onser Stad notzen, aus hir déi Plaz mat der beschter Liewensqualitéit fir ons Matbierger maachen:

### Ons Stad. Déi beschte Plaz, fir ze liewen!

Dëst ass ons Visioun, Ambitioun an Engagement fir ons Stad. Eng weider oppen, modern a multikulturell Stad, an där onst ganzt Liewen eng Plaz huet.

Mat liewegen, gemëschten an matenee verbonne Quartieren, déi ons alles bidden, wat mir am Alldag brauchen. Engem attraktiven, gréngen a sécheren ëffentleche Raum. Dem prioritären Ausbau vu Bus an Tram, manner Duerchgangstrafic, séchere Weeër fir zu Fouss ze goen a mam Velo ze fueren. Neien, nohaltege Quartieren, mat abordabele Wunnengen, vun héchster Qualitéit, déi d'Ressource schounen an d'Flächen optimal notzen. Modern, innovativ Schoulen a Betreiungsstrukturen, flott Schoulhäff a Spillplazen, déi onse Kanner déi beschten Zukunftschance ginn. Nach méi sozialem Engagement fir ons Matmënschen a Nout. Der Méiglechkeet an der Chance, nei Iddeeën ze realiséieren a produktiv ze wirtschaften. Enger performanter an digitaliséierter Verwaltung am Déngscht vun onsen Awunner. Dem direkte Matabannen vun onse Matbierger, fir zesummen aus onser Stad, déi beschte Plaz fir ze liewen, ze maachen!

**Ons Kandidaten:**

1. **WILMES Serge**, 40 Joer, Spëtzekandidat, Eischte Scheffen/Deputéierten, Millebaach, (LU)
2. **BARTOLINI Angélique**, 44 Joer, Geschäftsfra, Bouneweeg, (FR)
3. **BAUER Maurice**, 51 Joer, Sozialscheffen, Lampertsbierg, (LU)
4. **BIVER Bob**, 38 Joer, Affekot, Uewerstad, (LU)
5. **BLEY Gilles**, 48 Joer, Schoulpresident, Weimeschhaff/Kierchbierg, (LU)
6. **COSTANTINI Emilie**, 43 Joer, Aandoktesch, Belair, (LU)
7. **DELL Basile**, 28 Joer, Management consultant, Kierchbierg, (LU)
8. **DE RON Henry**, 40 Joer, Affekot, Lampertsbierg, (LU)
9. **DUPONG Lambert**, 53 Joer, Indépendant, Hollerech, (LU)
10. **FRATINI Luciano**, 59 Joer, Indépendant, Bouneweg, (LU/ITA)
11. **GALLES Paul**, 49 Joer, Gemengeconseiller/Deputéierten, Hollerech, (LU)
12. **GOBRAN Alexandra**, 36 Joer, Beroderin/Expertin am Sport fir Kanner/Jonker, Lampertsbierg, (LU)
13. **GOERES Marie-Laure**, 26 Joer, Entrepreneurin/Hôtelière, Lampertsbierg, (LU/POL)
14. **GOERGEN Marceline**, 61 Joer, Gemengerconseillière, Eech (LU)
15. **GRUBER Martine**, 38 Joer, Franséischprofesserin, Märel, (LU)
16. **HOFFMANN Jean-Marie**, 56 Joer, Bäckermeeschter/Patron vun engem Bäckereibetrieb, Bouneweg, (LU)
17. **LINSTER-BESCH Jij**, 64 Joer, fréier Reliounsenseignante/Porassistentin, Coordinatrice Sozialequip Bouneweeg, (LU)
18. **MARGUE Elisabeth**, 32 Joer, Gemengeconseillière/Deputéiert, CSV-Nationalpresidentin, Belair (LU)
19. **MØLLER Ulrik**, 41 Joer, Gérant d'entreprises, Lampertsbierg, (LU/DK)
20. **MORARU Clara**, 46 Joer, Managerin vun enger Sproocheschoul, Märel, (RO)
21. **MOSAR Laurent**, 65 Joer, Finanzscheffen/Deputéierten, Bouneweg/Verluerekascht, (LU)
22. **NINCEVIC Kristina**, 47 Joer, Coach a Mentor fir Jonker/jonk Erwuessener, Eech, (DE)
23. **PATRI Giovanni**, 47 Joer, Entrepreneur/Financier, Rollengergronn, (LU/ITA)
24. **PINTO LAZZARI Carla**, 39 Joer, Grënnerin/Kreativdirektesch vun engem Konschthaus, Gare, (POR)
25. **RETTER Félix**, 33 Joer, Dirigeant d'entreprise, Belair, (LU)
26. **SCHAEFFER Martine**, 57 Joer, Notaire, Hollerech/Belair, (LU)
27. **SCHEER Marc**, 55 Joer, Beamten am Wirtschaftsministär, Rollengergronn, (LU)

15 Männer / 12 Fraen
7 Nationalitéiten
Altersmoyenne: 45,8